SLP.LU
Société Luxembourgeoise de Psychologie asbl

# NEWSLETTER

Nummer 1
Abréll 2019

## Mir heesche Wëllkomm!

Säit der leschter Newsletter bis zur AG dësen 21. März si folgend Psychologen aktiven Member bei der SLP ginn:

ACERO Estefania
BEZMELNITSINA Maria
CALDARELLI Nadia
CARVALHO MONTEIRO Aline
CATTIN Laetitia
CHIELLINI Romane
COULONVAL Sophie
CUZZIOL Paola
DANHYER Céline
GAGLIARDI Sonja
GIEBELS Esther
GUILIANELLI Sophie
HEIB Carmen
MORIN Elodie
ROSTECK Tamara
STEFFEN Martine
STENDER ISABELLE
SZELENGOWICZ Chloé
THULL Elisabeth
TOURNIER Isabelle
VIÇOSO Luis Filipe
WAGNER Claudine
WOLFFENBÜTTEL NUNES Laura
ZEYEN Malou

De Conseil vun der SLP heescht **si häerzlech Wëllkomm**!

## Changementer am CA & der CCD

Op der AG gouf d'Elke Murdock an den CA kooptéiert. **Häerzlech Wëllkomm, Elke!** D'Anne-Marie Schuller huet aus perséinlechen Grënn aus dem CA demissionnéiert. Hat bléift awer weiderhin der SLP am GT Neuropsychologie erhalen.
Aus der Ethikkommissioun huet sech och bedauerlecherweis d'Corinne Finkelstein zréckgezunn.

**Corinne an Anne-Marie, ee ganz, ganz, groussen Merci fir äert laangjäregt Engagement an är wäertvoll Contributiounen!**

Contenu

Mir heesche Wëllkomm 1
Changementer am CA & der CCD
Auszich aus der AG vum 21. März 2
Suite Negotiatiounen CNS – Psychotherapeuten 4
EFPA Press release : Europe is still lacking sufficient coverage of psychological care 5
Plainten un d'SLP Commission Consultative de Déontologie 6
Rappel SLP Websäit & Administratives 6

Membre officiel de la Fédération Européenne des Associations de Psychologues - EFPA
Siège social
Centre sociétaire Cents (Salle 114)
167, rue de Trèves
L-2630 Luxembourg
Adresse postale
B.P. 1787
L-1017 Luxembourg
www.slp.lu
CCP : IBAN LU97 1111 0536 7837 0000
RC : F4769

# Auszich aus der Assemblée Générale vun der SLP (21.3.2019)

(N.B.: All SLP Memberen krutt den kompletten Rapport zougeschéckt)

## Le mot du président

*… E grousse Merci geet eigentlech och un all eis Memberen. Firwat?*

*Mir hunn an deene vergaangene Méint leider ëfters missen feststellen, dat mir an Verhandlungen betreffend de Beruff vum Psycholog oft als net gläichberechtegten Verhandlungspartner wouer geholl gi sinn an esou sinn och deementspriechend eis valabel Revendicatiounen, Bäiträg an Awänn als „quantité négligeable“ behandelt gi sinn.*

*Ech denken do un d'Verhandlungen mat der CNS, de Verhandlungen am ONE, der Behandlung vun Psychologen duerch Verwaltungen zB. betreffend TVA, an och verschiddentlech Diskussiounen am Conseil Scientifique.*
*Well eise Beruffsstand net als gläichberechtegt wouer geholl gëtt, ass et duerfir emsou méi wichteg, dass Psychologen sech massiv an Associatiounen wéi der SLP regroupéieren, fir an Verhandlungen uerdentlech Gehéier ze fannen. Duerfir also e groussen Merci un Iech Memberen an zugläich een Opruff un all d'Psychologen déi nach net Member an der SLP sinn, fir Member ze ginn.*

***.....*** *d'SLP kritt all Woch an der Moyenne 10-15 Ufroen vu Memberen* ***oder*** *Externen déi een Aarbechtsopwand mat sech bréngen.* ***D'Grenzen vum Benevolat*** *vum Conseil ginn mëttlerweil an reegelméissegen Ofstänn strapazéiert! …*

*…Zum Schluss nach e besonneschen Merci un eis Representanten an der FAPSYLUX, dem ONE, an dem Conseil scientifique. Hiren Engagement verdéngt een groussen Respekt!*

**<u>Aktuell Memberszuelen säit der leschter AG:</u>**

- **+ 65 néi Memberen !**
- 11 Memberen sinn aus der SLP ausgetrueden
- 14 Memberen hun hir Cotisatioun net méi bezuelt an sinn dowéinst net méi Member
- Netto + 40 ! / **Mir sinn lo ~350** (~50 Memberen hun awer d'Cotisatioun 2019 nach net bezuelt!!)
- Néien Memberstatus vum Retraitéierten = 7

4 Demandes d'adhésion refuséiert = d'Diplomer net konform mat SLP Critèren

**<u>SLP Websäit</u>**

-> mëttlerweil **<u>den</u>** Portal hei zu Lëtzebuerg betreffend Psychologie

säit der leschter AG:

• 30 Jobannoncen iwwer de Site
• ronn 40-50 Annoncen betreffend Konferenzen, Seminären an Formatiounen am Beräich Psychologie
• säit Januar 2019, stänneg ~2400 Visiteuren pro Mount !!
• an deenen lescht 30 Deeg, tëscht min. 61 an max. 187 Visiteuren am Dag!




Evolutioun vun den Visiteurszuelen (www.slp.lu)

----------------------

**Auszuch aus der AG : Projet Protection de la profession de psychologue** (Paul Braquet)

Avantages pour nos membres (et pour tous les psychologues) :

•Un titre officiellement reconnu

•Une expérience, expertise et des compétences officiellement reconnu

•Une différentiation claire d'autres professions (kiné, médecin, coachs, …)

•Une responsabilité claire pour le métier du psychologue

Protection du titre – Next steps

Création d'un groupe de travail dédié à élaborer un modèle luxembourgeois regroupant **tous** les psychologues au Luxembourg

L'objectif de ce groupe de travail est de pouvoir

1. Faire le point sur l'existant luxembourgeois et étranger
2. Développer un ou plusieurs modèles luxembourgeois
3. Implémenter avec les instances respectives un modèle

# Suite Negociatiounen Psychotherapeuten mat der CNS

FAPSYLUX
Fédération des Associations représentant des Psychothérapeutes au Grand-Duché de Luxembourg - Association sans but lucratif

Den 24. Juli 2015 ass d'Gesetz iwwer d'Psychotherapie gestëmmt ginn.

Ufanks Januar 2018 hun d'Negociatiounen tescht der FAPSYLUX an der CNS ugefong fir eng Konventioun, eng Nomenclature an Tariffer auszeschaffen.

D'Negociatiounen hunn sech vun Ufank un als schwiereg erwisen well op Säiten vun de Verhandlungs-Partner Psychotherapie an de Beruff vum Psychotherapeut mat all sengen Facetten (Formatioun, Methoden, Uwendungs-Beräicher an Therapie-Oflaf) net adequat verstane gin sinn. Well d'Verhandlungen no 6 Méint op keen Accord komm wären, ass et dunn nom Summer 2018 zur Mediatiounsprozedur komm (1.10 – 31.12 2018).

Leider ass d'Mediatioun och gescheitert. Haaptdivergenzen bloufen weiderhin:

- de legale Widdersproch tëschent der Autonomie vum Psychotherapeut (Paragraph 5 vum Psychotherapeute Gesetz) an der Prescriptions-Pflicht fir e Remboursement (paragraphe 23:1 vum Code de la Sécurité sociale ).
- Revendicatioun vun der FAPSYLUX betreffend Handlungsfräiheet an d'Unzuel vun de Seancen
- Revendicatioun vun der FAPSYLUX keng Diskriminatioun vun de Pathologië ze maachen.

Ganz um Wupp vun der Mediatioun huet d'CNS dunn urplëtzlech eng Rëtsch Modifikatiounen mat Ouverturen proposéiert, mee déi zäitlech onméiglech konnten am Kader vun der Mediatioun behandelt ginn.

**Wou ass den Dossier aktuell drun?**

Den Direkter vun der IGSS (Inspection générale de la sécurité sociale) krut nom Echec vun der Mediatioun den Optrag e Reglement Grand-Ducal ze schreiwen, deen sech awer just op déi administrativ Aspekter vun der Conventioun bezitt. Dësen RGD misst dann nach vum Conseil de Gouvernement am Staatsrot validéiert ginn. De Minister Romain Schneider huet an enger Réunioun vum 4. Februar 2019 d'CNS gefrot, si soll d'FAPSYLUX kontaktéieren fir d'Verhandlungen nees opzehuelen. **Dëst ass awer nach ëmmer net geschitt !!! (Stand 14.04.2019)**

Dat mannst wat een ka soen, ass dat et bei den „Policy Makers" absolut keng Urgence schéngt ze ginn. An dem Kontext ass d'Press Release vun der EFPA (cf Artikel sub) absolut bezeechnend fir d'Situatioun hei zu Lëtzebuerg. Et schéngt den Decideuren net kloer ze sinn, dat psychologesch an psychotherapeutesch Behandlungen am Endeffekt méi bëlleg sinn a ginn, wéi zb. Admissiounen an Kliniken an (Laangzäit)Krankmeldungen, an dann hu mir nach guer net vun den Incidencen op déi perséinlech Liewensqualitéit an den multiplen negativen Konsequenzen op d'Famill an d'Ëmfeld geschwat déi psychesch Stéierungen mat sech brëngen.

Och däerf d'Fro opgeworf ginn, op Patiente mat psycheschen Stéierungen par rapport zu Patiente mat physeschen Stéierungen zweetklasseg vun den Decideuren consideréiert ginn?

De CA vun der SLP an d'FAPSYLUX hoffen trotz alldem weiderhin zesummen mat der CNS zügeg en Accord ze fanne, an dëst virun allem **am Interessi vum Patient**.

# Europe is still lacking sufficient coverage of psychological care!

**EFPA Press release: World Health Day, April 7, 2019**

Universal coverage of health is the theme of the World Health Day 2019. One might think this would mainly concern third world countries and not Europe. Reality is that not all health sectors are developed at the same level and not all kinds of treatment are available for everyone. "This is especially the case for psychological treatments as Europe is still lacking sufficient coverage of psychological care " explains Koen Lowet of EFPA's Standing Committee on Psychology and Health.

**The impact of mental health problems is enormous**

The impact of mental health problems is enormous but still widely unknown in the general public. One out of three persons will encounter severe mental health problems in their lifetime, including depression, anxiety or substance misuse. Most of these problems originate in childhood or early adolescence. The economic impact on untreated mental health conditions in our society is enormous. Health economists calculate that the loss for our economy could be as big as 4 % of the GDP in Europe.

"And thus it is astonishing to see how little governments around Europe invest in good coverage of psychological care "continues Lowet. "The benefits of sufficient coverage of psychological care could be significant at no extra costs." Policy makers should consider, for example, the savings a government could make through fewer admissions in psychiatric hospitals, fewer expenses on pharmaceutical treatments or treating physical health problems by investing in prevention efforts, by having more people returning to work or not losing their effectiveness at work, or whose social relationships have been affected due to mental health problems.

**But can it actually be done?**

Psychology, compared to medicine, is a fairly young science that has developed rapidly nonetheless during the past decades. "Psychology has produced good evidence–based treatments that have an effectiveness of 70%. Besides psychological treatments are far less intrusive and can be delivered in the daily environment, not to mention at a much lower cost. In some countries, ten days of hospital admission can cost as much as a full year of psychological treatment with weekly sessions!" explains Lowet.

**So what are we waiting for?**

The inequity between the coverage provided for traditional medical care as opposed to psychological care is unfit for a modern society in Europe. Psychological care needs to be transformed into a go-to-method of care and made available for all European citizens.

More:
http://efpa.eu/news/world-health-day-2019europe-still-lacking-sufficient-coverage-of-psychological-care
https://www.who.int/campaigns/world-health-day/world-health-day-2019

Contact for this press release: EFPA Standing Committee Psychology and Health
Koen Lowet (Belgium) – koen.lowet@vvkp.be

## Plainten un d'SLP Commission Consultative de Déontologie

An der Lescht ass d'SLP méimoleg ugeschriwwen ginn betreffend Plainten géint Psychologen oder Psychotherapeuten. D'SLP rappelléiert dat si exklusiv zoustänneg ass fir hir Memberen.

Verschidden vun dësen Plainten hunn zudem „Prestatairen" betraff, déi zwaär psychologesch Servicer hei zu Lëtzebuerg ubidden, awer keng oder keng komplett psychologesch oder psychotherapeutesch Ausbildung schéngen ze hunn.

**An dem Kontext de Rappell, dat all agedroenen SLP Member am Annuaire iwwer déi néideg akademesch Ausbildung verfügt an sech verflicht huet, den SLP Ethik Code ze respektéieren.**

D'SLP recommandéiert wärmstens Patienten an Clienten bei der Sich no Professionellen am Beräich vun der Psychologie an der Psychotherapie op den **SLP Annuaire an op den Register vum Collège médical zrëckzegräifen**!

https://www.slp.lu/e-psycholog-fannen/

http://www.collegemedical.lu/fr/professionnels/default.asp?Type=145

PS: Den Rapport vum 3. Ethik-Café iwwer den „Secret professionnel partagé" ass an der Maach an gëtt un eis Memberen weidergeschéckt soubal en fäerdeg ass.

## Rappel SLP Websäit & Annuaire Profil ausfëllen

Eise Site schéngt net nëmme vun externe „Cliente" op der Sich no klinesche Psychologen & Psychotherapeuten gebraucht ze ginn, mee och emmer méi tëscht Psychologen op der Sich no professionellem Austausch (eng Zort interprofessionellen „Who is Who").

An dem Sënn, nach eng Kéier ee waarmen Opruff un all eis Memberen, am SLP Annuaire des Psychologues et Psychothérapeutes w.e.g. hiren Profil auszefëllen, respektiv besonnesch d´Kategorien **Aarbechtsmethod an Aarbechtsfeld / Iwwert mech & Bio an méi Info** grëndlech upzedaten.

Dat erspuert eis am Comité Aarbecht, well esou manner Ufroe vu Memberen an Netmemberen erakommen, déi sech op der Sich no spezifeschen Informatiounen direkt un eis wenden.

Opgrond vun der Méisproochegkeet hei am Land, denkt och drun dat äre Profil an eisem Annuaire méisproocheg ausgefëllt ka ginn.

**Fir déi klinesch Psychologen an Psychotherapeuten, notéiert w.e.g am Feld Aarbechtsmethod ob an wéi Consultatioune méiglech sinn, z.B. exklusiv iwwer eng Institutioun.**

## Administratives vun der SLP



**SLP eNews -** *Op eis eNews kann jidereen sech aschreiwen*

Mir hunn festgestallt, dat ongeféier d'Halschent vun eisen Memberen net op eis SLP eNews abonnéiert ass.

Wann Dir gären direkt informéiert sidd iwwer Jobofferen, Konferenzen, asw.. hei zu Lëtzebuerg, schréift Iech hei an: https://www.slp.lu/enewsletter/

Dir kënnt Iech zu all Ament och rem desabonnéieren.

-----------------------

**Préavis :** De Bureau vun der SLP ass zou vum

**20. bis 28. Juli / 9.bis 25. August / 2. bis 8. September 2019**

-----------------------